N° 8140
Entrée le 11.07.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 11.07.2023

FRAKTIOUN CSV

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

**Lëtzebuerg, den 11. Juli 2023**

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizministesch, d'Madamm Gesondheetsministesch an un den Här Edukatiounsminister weiderzeleeden.

Wann engem Kand säi Geschlecht net kloer festzeleeën ass wéinst variabele Geschlechtsmierkmoler, kann et virkommen, datt chirurgesch Agrëffer a medezinesch Operatiounen un de Geschlechtsorganer vu Mannerjäreger virgeholl ginn.

Dëst ass e grousse Probleem fir d'LGBTIQA+ Communautéit an ass net am Sënn vun der Selbstbestëmmung vun de transgeschlechtleche Mënschen an der Depathologiséierung vun der Transsexualitéit.

Op meng Fro den 19. Mee 2022 op der Chamberstribün no engem Verbuet vun esou Agrëff bäi Mannerjäregen, huet d'Madamm Justizministesch mir geäntwert, datt un engem entspriechende Gesetzestext geschafft giff ginn.

An deem Kontext wollt ech folgend Froen un d'Madame Justizministesch, d'Madamm Gesondheetsministesch an un den Här Edukatiounsminister stellen:

- Wou sinn d'Aarbechten zu engem entspriechende Gesetzestext drun?
- Wéini kann deen Gesetzesprojet der Chamber virgeluecht ginn?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

**Octavie MODERT**

**Deputéiert**